ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/11/2023

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 8 November 2023

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Rosie BRANDENBURGER Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP Corinne REDING-SCHARLÉ Liselotte RUEF-VOGT Seth RUEF Lydie RUPPERT Suzanne WEIS-COLLÉ	Stefanie BLOCK (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Introductioun, Presenzelëscht
2. Wal President*in, Vize-President*in an Sekretär*in
3. Alternativ Feier fir d' Senioren aplaz vun der Chrëschtfeier 2023
4. Aufgaben an Zweck vun der 3. Alter Kommissioun

Helperknapp, 22/11/2023

Punkt 1 : Begréissung, Introductioun, Presenzelëscht

No de Gemengewalen sinn d' Kommissiounen nei opgestallt ginn. D' Liselotte gouf an dem Zesummenhang ausgewielt fir d' Memberen vun dëser Kommissioun op eng éischt Reunioun z' invitéieren. Hat huet d' Sëtzung geleet, an ufangs déi nei Memberen häerzlech begréisst. Hat, Corinne an den Seth waren schonn Memberen an der viregter 3. Alter Kommissioun an huet domadder d' Bedeitung fir d' Representatioun vun den Senioren an eiser Gemeng ënnerstrach.

10 Memberen waren präsent an si hunn sech dunn eenzel virgestallt. 1 Member war entschëllegt.

Duerno huet d' Liselotte déi dräi besteeënd Aktivitéiten fir Senioren an der Gemeng opgezielt:

- Eng Senioren Feier, an den leschte Joren d' Chrëschtfeier fir d' Senioren am Lëtschert
- E gemeinsamen Filmowend am *Kinoler* zu Kohler
- En Ausfluch mat der Marie-Astrid op der Musel

D' Liselotte deelt mat, dat d' **Chrëschtfeier dëst Joer leider net stattfënnt**, well de Lëtschert bis un d' Een vum Joer ausgebucht ass.

An der Diskussioun gouf dat natierlech bedauert, mee et koumen direkt Propositiounen fir et nozehuelen. D' Suzanne sot, dat Gemeng, an der hat schafft, eng Fréijoer's Feier fir D' Senioren duerchféiert. Well d' Walen vum President*in, dem Vize-President*in an de Sekretär*in awer nach ausstoungen, gouf dëst Gespréich duerno geféiert.

Punkt 2 : Wal President*in, Vize-President*in an Sekretär*in

Et louchen keng Spontan-Kandidaturen fir, an no engem Tour de Table fir déi eenzel Posten ass des Besetzung erauskomm:

Presidentin:	Corinne Reding-Scharlé
Vize-Presidentin:	Liselotte Ruef-Vogt
Sekretär:	Carlo Koepp

Helperknapp, 22/11/2023

Punkt 3 : Alternativ Feier fir d' Senioren aplaz vun der Chrëschtfeier 2023

Well d' Chrëschtfeier 2023, wéi an der Introductioun erwäänt, wéinst Auslaaschtung vum Lëtschert net stattfënnt, gouf iwwert eng Alternativ diskutéiert. Verschidden Méiglechkeeten sinn beschwat ginn.

Finallement proposéiere mir eestëmmeg , dat Gemeng ee "Nei Joer Fest" den 3. Februar am Lëtschert fir d' Senioren organiséiert. Invitéiert solle ginn:

- Gemengen Awunner vu 60 Joer un mat hiren Partner
- Kommissioun' s Memberen alleguer, och déi ënner 60
- Eventuell Leit déi d' Gemenge Verwaltung proposéiert

Et soll e Fest mat engem gudden Iessen an Begleet Musek sinn. Fir d' Live Musek koumen follgend Virschléi:

- Dëppegéisser vun Ueweraanwen
- Krunnemécken
- Yannchen Hoffmann
- Lisa Mariotto
- Jos Schartz vu Bissen
- Mike Rippinger (DJ) Helperknapp

Mir géifen, wa méiglech, eng lokal Léisung begréissen.

D' Kommissioun' s Memberen géifen et och sympathesch fannen wann de Gemengerot am Service géif mathëllefen.

Punkt 4 : Aufgaben an Zweck vun der 3. Alter Kommissioun

Verschidden Punkten goufen ugeschwat ouni dat mir elo an Detailer gaange sinn, dorënner:

- Transport a Matfuer Gelegenheeten, fir z.B. Akafen ze goen. Et bestinn natierlech, an et gouf dorop higewisen, ëffentlech Servicer wéi "Adapto" asw. déi transport Déngschter ubidden.
- Hëllef a kleng Reparaturen am Haus an am Gaart.

Helperknapp, 22/11/2023

Divers

An der Sëtzung gouf **eestëmmeg** festgehalen fir eng **Whatsapp Group** anzeriichten . All d' Memberen hunn sech och mat hirer Telefonsnummer an Email Adress an engem Tableau agedroen, den just ënnert hinnen verdeelt gëtt.

Nächst Sëtzung

Eng nächst Reunioun ass fir den 18 Dezember um 19h30 am Gemengerot Sall aberaumt ginn.

Als ee vun de Sujeten um ODJ wier den "SUPER SENOIR" deen z.B. bei Aufgaben Hëllef fir Schüler matmécht.

Helperknapp, 22/11/2023

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.